



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 27 avril 2021

**Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement**

**Service Central de Législation
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°3823 du 10 mars 2021 de Monsieur le député Jeff Engelen, concernant le vandalisme dans les transports publics, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics**

Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, an dem Här Henri Kox, Minister fir bannezeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n°3823 vum 10. Mäerz 2021 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen iwwer de Vandalismus am ëffentlechen Transport

D'Akte vu Vandalismus op Zuch- an RGTR Linne gi vun der CFL opgelëscht a stelle sech wéi follegt op:

Op den Zuchlinne sinn an deene leschte fënnef Joer Käschten (hors main d'oeuvre vun den CFL Agenten) an enger Héicht vun insgesamt 173 503,96 € entstanen, déi op Vandalismus zeréckzeféiere sinn an net récupéréiert konnte ginn. Dës Käschten deele sech esou op déi verschidde Joren op:

	Akte vun Vandalismus	Käschten (déi nët récupéréiert konnte ginn)
2016	394	86 647,80 €
2017	398	20 515,89 €
2018	213	20 961,43 €
2019	139	13 152,42 €
2020	180	32 226,42 €

Beim CFL Busbetrib, déi fir den RGTR fueren, gouf et säit der Installatioun vu Kameraen an de Busser am Joer 2005, kéng nennenswäert Vandalismus Akte méi ze verzechnen. Sporadesch gi klenger Grafittië gemaach, dës ginn awer vun de Botzéquipe ewech gemaach a verursaachen doduercher kéng zousätzlech Onkäschten.

Wat d'Infrastruktur ugeet, sinn an de leschte fënnef Joer duerch Akte vu Vandalismus insgesamt 422 482,70 € u Käschten (hors main d'oeuvre vun den CFL Agenten) entstanen déi op Vandalismus zeréckzeféiere sinn an net récupéréiert konnte ginn. Dës Käschten deele sech esou op déi verschidde Joren op:

	Akte vun Vandalismus	Käschten (déi nët récupéréiert konnte ginn)
2016	138	84 483,91 €
2017	101	74 333,02 €
2018	105	89 758,96 €
2019	111	97 253,40 €
2020	103	76 653,41 €

Am RGTR gëtt all Akt vu Vandalismus, dee vun de Busbetriber un den Transportdepartement gemellt gëtt, opgelëscht. Dofir gëtt et een dediéierten Formulaire deen den Exploitant mat sengem betraffenen Chauffeur ausfëllt. Op deem Formulaire sinn awer net nëmmen Vandalismusakten déi kënnen opgelëscht gin, mee och Incident'en wéi Beleidigungen, Drohungen, kierperlech Gewalt, Ugrëff, asw. Et gëtt awer eng Donkelziffer an et ass leider net méiglech, déi gefroten Oplëschtung détailléiert zur Verfügung ze stellen, well déi Donnéeën net deementspreechend recenséiert ginn.

Am RGTR goufen 9 Meldunge vu Vandalismus gemaach. Et handelt sech ëm futtis Sëtzer, futtis Dreckkäschten, zerschréipsten oder futtis Fënsteren.

Wat de Schued, deen duech all des Incident'en entstanen as, ugeet, huet de Ministère keng Informatioun, well dee vun der Busfirma, respektiv hirer Versécherung, gedroe gëtt.